N° 7922
Entrée le 24.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.04.2023

FRAKTIOUN CSV

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2023

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch iwwert den Lëtzebuerger Pass un den Här Aussen- an Europaminister weider ze leeden.

De Lëtzebuerger Pass huet ab dem Alter vun 4 Joer eng Gültegkeet vun 5 Joer. An villen anere europäeschen Länner ass den Pass bis zu 10 Joer valabel. An Däitschland ass de Pass fir Persounen ab 24 Joer 10 Joer valabel, ënner 24 Joer 6 Joer. A Frankräich ass de Pass bis 18 Joer 5 Joer laang gülteg, iwwer 18 Joer 10 Joer. An der Belsch ass de Pass 5 Joer gülteg fir Mineuren an 7 Joer fir Erwuessener.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Firwat sinn zu Lëtzebuerg Päss just 5 Joer valabel?
- Gett zu Lëtzebuerg dru geduecht Validitéitszäit vun de Päss no uewen ze adaptéieren
- Wat sinn Grënn dofir respektiv fir géint eng méi laang Gültegkeet vun de Päss ?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt
Deputéiert

N°7922
Entrée le 23.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro n° 7922, déposéiert den 24. Abrëll 2023 vun der Madame Deputéiert Nancy Arendt (CSV)**

- Firwat sinn zu Lëtzebuerg Päss just 5 Joer valabel?

Déi maximal Gültegkeet vum lëtzebuerger Pass ass festgehal am Artikel 6 vum "Règlement grand-ducal du 12 février 2015 portant exécution de la loi modifiée du 14 avril 1934, fixant les modalités pour l'obtention d'un passeport biométrique, titre de voyage biométrique pour étrangers, apatrides et réfugiés et établissant un droit de chancellerie pour légalisations d'actes". Déi maximal Gültegkeet ass dorops zréckzeféieren, dass déi elektronesch Composanten vum Pass (Chip) aktuell just fir 5 Joer garantéiert sinn, sou wéi dat am deemolege Marché public virgesinn war.

- Gett zu Lëtzebuerg dru geduecht Validitéitszäit vun de Päss no uewen ze adaptéieren?

Den MAEE huet schonn ugefaang un deem neie Pass ze schaffen, deen viraussiichtlech am Laf vun 2025 wäert agefouert ginn. An deem Kader wäert e Projet de loi déposéiert ginn, dee wäert ënner anerem virgesinn, dass fir Erwuessener ab dem Alter vun 18 Joer d'Gültegkeet vum Pass op 10 Joer eropgesat gëtt.

- Wat sinn Grënn dofir respektiv fir géint eng méi laang Gültegkeet vun de Päss ?

Fir déi vill Lëtzebuerger déi am Ausland liewen, an déi dacks mussen wäit reesen, fir eng Passdemande mat Biometrie op engem Konsulat ze maachen, ass eng méi laang Gültegkeet eng grouss Erliichterung.

Lëtzebuerg, den 23 Mee 2023

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn